QP N°2440

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.**

Säit dem 25te Mee 2020 sinn d'Primärschoulen a ganz Lëtzebuerg erëm opgaange mat streng Mesuren déi versprach goufen. D'Strategië fir d'Infektiounsquoten esou déif wéi méiglech ze hale goufen opgestallt an trotzdeem sinn, laut menge Quellen, zwee Kanner am Norde positiv op Covid-19 getest ginn an d'Enseignante kruten explizitt vum Ministère de la Santé verbueden d'Elteren ze informéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei eng Prozedur gëtt fir den Tracing vu Kanner an de Schoule benotzt?

2. Wei eng Datebanke ginn an dem Kontext consultéiert?

3. Firwat gëtt Léierpersonal, dat jo d'Bezuchspersoun ass, net matagebonnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Députée

Le caractère urgent de la question a été reconnu (25.06.2020)

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2440 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

D'Demarche, déi et anzehale gëllt, wann ee Schüler, deen eng lëtzebuergesch ëffentlech Grondschoul frequentéiert, positiv op Covid-19 getest gëtt, ass vum Gesondheetsministère a Collaboratioun mam Educatiounsministère (MENJE) ausgeschafft ginn.

Am Fall, wou e Kand aus enger lëtzebuergescher ëffentlecher Grondschoul positiv op Covid-19 getest gouf, kontaktéiert d'Direktioun vun der Santé d'Eltere vun dësem Kand, fir déi Persounen ze ermëttelen, déi an der Zäitspan vun 48 Stonnen, ier d'Kand déi éischt Symptomer opgewisen huet oder op de Covid-19 getest gouf, an dem Dag vum Feststelle vun der positiver Covid-19-Infektioun, am Kontakt mam Kand waren. Wann d'Elteren uginn, datt d'Kand an där Period an d'Schoul gaangen ass, da kontaktéiert d'Direktioun vun der Santé um lokale Niveau den Titulaire de classe an de Schoulpresident, an um regionale Niveau d'Regionaldirektioun, fir datt déi hinnen eng Lëscht mat de Schüler an dem Schoulpersonal ginn, déi an der genannter Period an der Schoul present waren. Um nationalen Niveau gëtt d'Direction générale de l'Enseignement fondamental vu mengem MENJE iwwert de Virgang informéiert.

**Ad 2)**

D'Direktioun vun der Santé kritt op Ufro hin d'Kontaktdonnéeë vun engem lokale Vertrieder vum MENJE.

**Ad 3)**

Et läit op der Hand, datt d'Léierpersonal, dat wärend där Period, déi an der éischter Äntwert definéiert gouf, d'Prise en charge assuréiert huet vum Kand, dat positiv op Covid-19 getest gouf, muss mat agebonne ginn. Vu datt dës Enseignanten an der Reegel am Kontakt mam Kand waren, muss evaluéiert ginn, ob si mussen a Quarantaine gesat ginn, esou wéi et an den temporairë sanitäre Recommandatiounen vun der Direktioun vun der Santé am Kontext vun Covid-19 definéiert ass.